deene Leit och ëmmer um Dësch sëtzt, e wéineg déi diplomatesch Kap net vergiessen, mä ech fannen, dass do déi verkappten an heiansdo och offe Xenophobie eng immens Gefor ass fir d'Wäerter vun der Europäescher Unioun.

Ech wëll awer elo soen, dass ech éischtens emol net sécher sinn - Dir hutt Éisträich ugeschwat, an de President vun Éisträich war jo hei, mir hunn e wéineg mat deem doriwwer d'lescht Woch geschwat -, ob d'Effeten, an Éisträich selwer op jidde Fall, wierklech déi waren, déi ee sech erwaart huet, wéi déi Sanktioune géint Éisträich gesat gi sinn. Ech schwätze vun Éisträich selwer. Ech mengen, fir eis alleguerten heibanne war et dee Moment evident, dass dat soll gemaach ginn, mä ob den Effet do dee richtege war, ass nach d'Fro.

Déi zweet Saach ass, d'Europäesch Unioun ka jo nëmmen Akte bewäerten, Akte vun der Regierung bewäerten. Mä, an do sinn ech komplett op Ärer Linn, den Acquis communautaire ass net nëmmen Direktiven a Reglementer, dat ass och eng Mentalitéit, et sinn och Wäerter, déi mer transposéieren, an déi däerfen net futti gemaach ginn.

An duerfir war ech awer eigentlech komplett optimistesch wéi ech gesinn hunn, wéi den, ech weess net, ob et de President war oder de Premierminister aus Polen, well déi gläiche sech eenegermoossen,...

(Hilarité)

...do huet ee vun deenen zwee gesot: Mir mussen erëm eng Debatt kréien iwwert d'Doudesstrof an der Europäescher Unioun. An déi Debatt iwwert d'Doudesstrof, déi ass jo ni zustanekomm, well do effektiv den Här Barroso dat Richtegt gemaach huet an direkt de Krunn zougedréint huet. An ech mengen, dat wär och bei enger anerer Institutioun, op jidde Fall och am Conseil vun de Ministeren, séier ënnergebottert ginn. Ech mengen, dat ass e Plus, dee mer hunn.

Am Acquis communautaire - ech hunn dat gesot - do gëtt et Ligne-rougen dran. Déi däerfen net dépasséiert ginn. Mä stellt lech ee Momentche vir, déi Länner wieren net Member vun der Europäescher Unioun. Da wier d'Gefor do gewiescht, dass et zu engem Konflikt komm wier tëschent den Ungarn an de Slowaken. Dat wier net ausgeschloss gewiescht. Dann hätte mer déi nämlecht Situatioun, déi mer elo hunn tëschent der Ukraine a Russland.

Duerfir gesäit een eleng wéi wichteg et ass, dass déi Länner an der Europäescher Unioun sinn, fir esou Tendenzen trotzdeem ënner Kontroll ze behalen. Mä ech si mat lech eens. Wann esou Agencë gegrënnt ginn, sinn ech net grad optimistesch, ob déi alles kënnen deblockéieren, well déi awer ëmmer ee politeschen Touch hunn. Mä politesch musse mer eis deene Saachen unhuelen, an Dir hutt komplett Recht fir dat hei ze évoquéieren, an deem Sënn wéi Der et gemaach hutt. Ech wäert och mäi Bescht maachen, fir kënnen do géigenzesteieren.

Wat nach d'Cour des droits de l'Homme ugeet, Här Goerens, do si mer jo d'accord - ech war jo an der Kommissioun -, fir dass mer do als Lëtzebuerg méi Sue ginn, fir dass déi Cour ka fonctionnéieren.

Vläicht nach e leschte Saz, Här Bausch, iwwert d'Dénucléarisatioun.

M. le Président.- Wennt lech net un en eenzelnen Deputéierten, mä un d'ganz Chamber!

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration.-* Jo.

Une voix.- Den Här Asselborn wosst dat net méi.

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration.-* Ech sinn elo zwee Joer hei eraus. Ech kennen d'Regelen net méi. Bon, Här President, ech wenne mech dann un lech.

(Hilarité)

Déi Dénucléarisatioun vun…

Une voix.- Esou séier vergësst een dat net.

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration.-* …dem NPT-Vertrag, deen den Här Bausch ugeschwat huet, ech mengen, do musse mer elo vläicht d'Bir trotzdeem an zwee deelen. Wa mer dat eent scho géife fäerdeg brénge fir déi, déi wëllen nuklear Energie fir militäresch Zwecker asetzen an den NPT-Vertrag da respektéieren, dann hätte mer schonn immens villes gemaach. An Dir hutt jo dee Saz och gëschter vu mir héieren - Dir hutt e widderholl -, dass mer wëllen, dass keng Atombommen am ganze Moyen-Orient sinn, dass och keng Atombomme solle sinn an der Ëmgéigend vun Nordkorea. Do si mer eis komplett eens, mä elo de Moment muss een…

(Interruption)

…sech dorobber konzentréieren.

Wann een dat anert mat drabréngt - Dir hutt d'Recht fir dat méi wäit ze gesinn -, ech fäerten, da komme mer net virun. Mä dat do ass awer ee Punkt, wou awer elo gewise ginn ass, och an den Débaten, déi mer hate fir d'Resolutiounen auszeschaffen opgrond vum Chapter seven, Artikel 41 vun der UNO-Charta, dass souguer d'Chineesen an d'Russe wéinstens bis elo awer een Deel matgaange sinn op deem Wee. A wéi ech versicht hu gëschter ze soen, do kann nëmmen eng grouss Solidaritéit vun der internationaler Communautéit genuch Pressioun maachen, fir den eenzege gangbare Wee.

Wat d'Reform ugeet vum Conseil de Sécurité, Här Bausch, an d'Lëtzebuerger Presenz an der UNO 2013-2014, ech mengen, dat sinn zwou verschidde Saachen. Mir wëllen op där Schinn probéieren eis Chance ze hunn. Dat heescht awer net, dass mer géint d'Reform si vun der UNO.

Mir hunn allerdéngs vun eiser Présidence - an och duerno hunn ech et dacks gesot -, dass an der Substanz d'Reform vun der UNO vläicht méi wichteg ass wéi d'Reform vum Conseil de Securité. Wann d'UNO et fäerdeg bréngt, Konflikter ze évitéieren, a wann d'UNO et fäerdeg bréngt, do, wou Konflikter waren, de Leit kënnen ze hëllefen, dat ass vläicht méi wichteg wéi wann een herno siwe Länner am Conseil de Sécurité huet, déi d'Veto-Recht hunn.

Ech soen lech villmools Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Ausseminister. Domadder ass d'Debatt iwwert d'Aussen-, d'Europapolitik an den Traité constitutionnel ofgeschloss.

Mir kommen elo zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour. Dat ass de Projet de loi 5488 iwwert d'Konte vum Joer 2004. Et si bis elo ageschriwwen: den Här Haupert, d'Madame Flesch, den Här Negri, den Här Bausch an den Här Mehlen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Mehlen.

2. 5488 - Projet de loi portant règlement du compte général de l'exercice 2004

Rapport de la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire et des Comptes

M. Robert Mehlen *(ADR), rapporteur.-* Merci, Här President. Zréck aus der grousser weider Welt erëm op Lëtzebuerg: de Projet de loi iwwert d'Konte vum Joer 2004 an enger Zäit, wou mer amgaange sinn de Budget vun 2007 ze diskutéieren. Ech hoffen trotzdeem, datt e gewëssen Intérêt duerfir do ass.

Ech wëll fir unzefänken de Kolleegen an der Comexbu Merci soe fir dat Vertrauen, wat se mer entgéintbruecht hu fir hei däerfen de Rapport ze maachen. Et ass jo net alldeeglech, datt e Member vun der Oppositioun dat hei däerf maachen. Ech wëll och a meng Mercien d'Sekretärin vun der Kommissioun mat aschléissen, déi mech ganz tatkräfteg bei der Redaktioun vum Rapport ënnerstëtzt huet.

De Projet de loi ass déposéiert gi vun der Regierung de 5. Juli 2005. D'Regierung huet de 27. Januar 2006 en Amendement nogereecht betreffend d'Korrektioun vun engen etlechen Dépensen. Den 30. November d'lescht Joer huet d'Cour des Comptes hire Rapport général mat den Äntwerte vun der Regierung op hir Objektioune virgeluecht. Den 2. Mee huet de Conseil d'État säin Avis ofginn, an den 23. Oktober 2006 ass de Rapport an der Kommissioun ugeholl ginn.

Fir d'éischt zu den allgemenge Considératiounen. D'Kontabilitéitsgesetz vum 8. Juni 1999 schwätzt vun der Comptabilité de l'État, déi sech géing composéieren «d'une comptabilité budgétaire et d'une comptabilité générale. (…) La comptabilité générale retrace, selon la méthode dite de la partie double, l'intégralité des recettes et des dépenses de l'État ainsi que ses avoirs et ses engagements afin d'établir une situation patrimoniale sous la forme d'un bilan financier arrêté au 31 décembre.»

Mir soen, datt déi Situatioun de Moment nach net erreecht ass, an datt et awer wënschenswäert wär fir d'Transparenz vun der finanzieller Situatioun vum Stat, wann déi Comptabilité à partie double, déi och wierklech de Patrimoine vum Stat erëmspigelt, wa mer dee Punkt kënnten erreechen. Et schéngt och wéi wann d'Obligatiounen, déi zu Bréissel operluecht ginn, eis deemnächst géingen derzou zwéngen do ee bësse méi wäit ze goen.

Dann e Wuert zum ekonomesche Kontext vun deem Joer 2004. D'Regierung hat bei der Opstellung vum Budget eng Croissance virgesi vun 2,8%. Real hate mer awer eng Croissance vu 4,5%. Mir hunn en Uwuesse vum Emploi gehat vun 2,5%. Et war nëmmen 1,5% virgesinn. De Chômage war geschat ginn op 3,9%. En ass awer liicht eropgaangen op 4,2%. D'Inflatioun war geschat ginn op 1,6%. Real waren et 2,2%.

Am Résumé: D'ekonomescht Ëmfeld war méi gënschteg wéi d'Regierung et virausgesinn hat. Dat huet Plus-valuen an de Recettë bruecht vun 376 Milliounen Euro, dovunner 167 Milliounen als Direktsteier.

De Conseil d'État - eng Kéier méi - kritiséiert d'Regierung relativ haart, well se sech ëmmer erëm relativ schwéier géing iren. E schwätzt vun «graves erreurs d'estimation» an e mécht en Appel fir dat an Zukunft besser ze maachen.

D'Kommissioun vum Contrôle budgétaire erkennt un, datt d'Situatioun, wat d'Estimatioun ubelaangt, sech verbessert hätt, hofft awer, datt d'Regierung an där Richtung weider Effortë mécht.

Et sinn och nodréiglech Ännerungen am Budgetsgesetz gemaach ginn: Dat ass eng Kéier d'Foiresgesellschaft, déi 4,2 Milliounen u Participatiounen um Kapital kritt huet; d'Waasserwirtschaftsamt: Do ware Personaldispositiounen, déi Geld kascht hunn, an et ass och nach zousätzlecht Personal op Zäit engagéiert gi fir d'EU-Présidence.

Doraus ergëtt sech folgende Kont fir d'Joer 2004:

Et ware Recettë fir 6,735 Milliarden. Dat sinn, fir eng Kéier a Lëtzebuerger Frangen ze rappeléieren, 272 Milliarde Frang. Dat ass e Plus par rapport zum Budget vun 342 Milliounen oder 5,3%.

Bei den Dépensen hate mer 6,889 Milliarden. E Plus par rapport zum Budget vu 408 Milliounen oder 6,3%.

D'Regierung hat an hire Previsiounen en Defizit virgesi vun 88 Milliounen Euro. Real ass deen Defizit awer op 154 Milliounen Euro erausgelaf; dat heescht, e Plus vu 66 Milliounen Euro, oder den Defizit ass bal duebel esou héich ausgefall wéi geplangt.

Ech wëll an deem Kontext ervirsträichen, datt de Kont vun 2004 en Tournant duerstellt an deem Sënn, datt fir d'éischte Kéier zënter ufanks 90 erëm een Defizit an de Statskonte steet, an dat trotz deene Plus-valuen, déi erakomm sinn.

2003 huet de Compte nach ofgeschloss mat engem Plus vun 79 Milliounen Euro. Dat heescht, wann een déi Differenz hëlt vun 2003 op 2004, da sinn dat 233 Milliounen Euro, oder 9,4 Milliarden där aler Frang.

(M. Henri Grethen prend la Présidence)

E puer Wuert zur Kontroll vun der Cour des Comptes, déi sech jo all Kéiers zimlech am Detail mat der Exekutioun vum Budget auseneesetzt. Ech kann natierlech aus Zäitgrënn net am Detail dorop agoen. Dat Meescht kënnt Der am Rapport noliesen.

Fir d'alleréischt hate mer eng Diskussioun iwwert den Délai de clôture, wou d'Regierung sollt e Projet virleeën. Dat ass normalerweis den 31. Mee. Mir hunn zréckbehalen, datt ee soll deen Délai bäibehalen, och wann et heiansdo schwéier ass, fir e strikt ze respektéieren - dat, fir den Drock oprechtzeerhalen op d'Verwaltungen, fir domat virunzemaachen.

Da gëtt et Objektiounen iwwert de Contrôle financier interne. Do sinn 259.309 Operatioune kontrolléiert ginn. Dovunner ware 458 Refus de visa, 90 hunn eng zweete Kéier de Visa refuséiert kritt. D'Regierung huet 46 Passer-outren ausgeschwat.

An et muss een och soen, datt bei der Clôture vun dësem Exercice 68 Dossieren nach net clôturéiert waren. D'Kommissioun fuerdert d'Regierung op, dofir ze suergen, datt dat sech an Zukunft net soll widderhuelen.

Dann zu de Spezialfonge vum Stat. Do sinn d'Recettë méi héich gewiescht: 11,59% méi héich wéi d'Previsiounen. D'Dépensë ware manner héich: e Minus vun 3,67%. An trotzdeem hunn d'Avoiren op de Fongen ëm 15,31% ofgeholl. D'Cour des Comptes freet, datt ee soll ähnlech wéi bei der Opstellung vum Budget méi Detailer liwweren zu de Konte bei der Virstellung vum Projet vun de Konten. D'Comexbu, dat heescht d'Budgetskontrollkommissioun, ass selbstverständlech och mat där Astellung d'accord.

Da gëtt et e Kapitel iwwert d'Subsiden a virun allem d'Transferts de revenus à caractère bénévole. Et sinn déi, déi net duerch Konventioune festgeluecht sinn, mä déi, wou d'Regierung e bëssen, wann ech emol esou däerf an dëser Zäit soen, de Kleesche spillt. D'Cour monéiert, datt déi Beträg sech zënter 2000 verdräifacht hätten, trotz der Circulaire budgétaire vun 2004, wou d'Regierung d'Ministèren opgefuerdert hat, fir sech strikt un d'Virgaben ze halen an net ze vill dohier ze verdeelen. D'Comexbu ralliéiert sech och do un d'Cour des Comptes, datt dat soll an Zukunft respektéiert ginn.

Dann e Kapitel, wat mer och vun all Joer kennen, dat ass dat vun de Beamtegehälter. D'Cour beklot sech driwwer, datt et grouss Problemer gëtt, fir d'Ënnerlagen ze kréien, fir hir Kontrollen duerchzeféieren. Dat ass net fir d'éischt an et huet sech och nach net gebessert. Vun 2.516 Dossieren, déi kontrolléiert si ginn, sinn der 463 net komplett. Nom Examen contradictoire feelen ëmmer nach 254 Piècen, an et bleiwen 240 Dossierë contestéiert. Dovunner ginn der 165 vum Ministère akzeptéiert. Dat heescht 6,55% vun deenen, déi kontrolléiert si ginn, si sécher mat enger Irrégularitéit behaft, an et gëtt och nach eng Partie, wou et nach opsteet, wéi et dann ausgeet.

Wat schlëmm ass, eiser Meenung no, dat ass, datt de Contrôle financier iwwerhaapt net an der Lag ass, fir d'Richtegkeet vun de Berechnunge vun de Gehälter anzeschätzen, well d'Instrument net do ass. Do gëtt zënter Joren dru geschafft, e Système de gestion informatisée des ressources humaines, ofgekierzt SIGEP, opzebauen. D'Comexbu encouragéiert déi betreffend Administratioun an de Ministère, fir domat virunzemaachen. Wéi et schéngt, ass et awer schwéier, well d'Législatioun iwwert d'Gehälter esou komplizéiert ass. Duerfir misst ee sech och iwwerleeën, ob een do net op eng Vereinfachung géing hischaffen.

Dann zu den Altlaste bei de Gehälter. Do si mat engem Fiederstréch, muss ee bal soen, ronn 122 Milliounen Euro regulariséiert ginn, fir dat endlech aus der Welt ze schafen. Dat ass eppes, wat d'Kommissioun begréisst. Et muss een awer soen, datt et e batteren Nogeschmaach huet, well eng ganz Partie Dossieren esou einfach ongekläert leie bleiwen.

Ee Wuert zu de Marché-publicen. Et sinn am Ganze 1.414 Marchéen ofgeschloss ginn. Dovunner sinn der 43% nëmmen als Soumission publique a 57% als Soumission restreinte oder Marché négocié ofgeschloss ginn. Geldméisseg mécht dat 70% ënner Soumission publique an 30% ënner Soumission restreinte oder Marché négocié. 97 Refus de visa wéinst Verletzung vum Marchés-publics-Gesetz, wat och ganz béiss Kritike vum Conseil d'État no sech gezunn huet.

Dann e Wuert zu den Décomptes finaux vun Infrastrukturen. D'Budgetsgesetz seet, datt d'Regierung déi Décomptë muss virleeën. Do hänken der nach eng ganz Partie an der Luucht. De Ministère seet eis, datt et schwéier ass, fir déi Décompten esou virzestellen, wéi dat soll sinn. Eis Kommissioun bedauert dat. Si freet, datt an Zukunft awer déi Décompten esou séier wéi méiglech solle presentéiert ginn. A wa Litigë sinn, déi nach um Geriicht unhängeg sinn, da soll een trotzdeem en Décompte provisoire maachen, an et net à l'infini schleefe loossen.

Dann als lescht d'Comptables extraordinaires. Do huet tëscht 2001 an 2004 d'Regierung 1.869 Kreditter u Comptables extraordinaires erausgi fir e Montant vun 39 Milliounen Euro. Bis bei der Redaktioun vum Rapport vun der Cour des Comptes huet nach ëmmer keen, iwwerhaapt keen Décompte vun deene virgeleeën. Fir d'Joer 2004 si vu 650 Konten der nëmme 84 am Délai légal virgeluecht ginn.

Den Direkter vum Trésor huet eis allerdéngs gesot, si hätten a leschter Zäit enorm Effortë gemaach an d'Situatioun hätt sech staark verbessert, esou datt mer eis op den nächste Rapport freeën, well dee misst jo da besser ausfalen.

Här President, ech soen lech Merci fir Är Gedold. Domat wär ech um Enn vu mengem mëndleche Rapport ukomm a kann nëmme soen, datt d'Kommissioun lech recommandéiert, dëse Kont ze stëmmen.

Ech soen lech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Mehlen. Ech wollt just bemierken, well Dir net esou oft Rapporteur sidd, war ech méi gnädeg wéi soss!

(Hilarité)

M. Robert Mehlen *(ADR), rapporteur.*- Ech hat gesot, ech géif et op meng Zäit huelen.

(Interruptions diverses et hilarité)

M. le Président.- Dir Dammen an Dir Hären, deen éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Haupert, an den Här Clement dréit d'Ried vir.

Discussion générale

M. Lucien Clement *(CSV).*- Sou, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, also virewech wëll ech dann och soen, datt eigentlech de Kolleeg Norbert Haupert hei sollt stoen. Hien ass awer leider verhënnert, an duerfir wäert ech dann och den Text virbréngen, deen awer zum gréissten Deel dem Norbert Haupert gehéiert.

Säitdeem d'Cour des Comptes hire Rapport zu de Statskonten aus enger Optik vun enger externer Kontrollinstanz vun den öffentleche Finanzen no de Kritäre vum neie Kontabilitéitsgesetz verfaasst, ass et fir déi zoustänneg Chamberskommissioun méi einfach ginn, fir an hirem Rapport iwwer e Gesetzesprojet vun de Statskonten dat am Fong ze analyséieren. Wéi dat zënter dem Projet iwwert d'Statskonte vun dem Exercice 2001 de Fall ass, huet d'Cour des Comptes och dës Kéier zu de Konte vun 2004 en exzellente Rapport verfaasst. An ech wëll hir dann och, wéi de Rapporteur dat och scho gesot huet, vun dëser Plaz aus Merci soen an och félicitéieren.

Dëse Rapport vun der Cour des Comptes huet de Rapporteur, den Här Mehlen, als Ënnerlag geholl, fir de Rapport vun där zoustänneger Kontrollkommissioun vun der Chamber iwwert d'Ausféierung vum Statsbudget ze erstellen. Well de Rapporteur a sengem exzellente schréftleche wéi och mëndleche Rapport, fir déi ech him vun dëser Plaz aus wëll Merci soen, am Detail op déi eenzel Aspekter vun de Statskonte agoung, esou wéi d'Cour des Comptes se analyséiert huet, wëll ech mech hei mat enger méi allgemenger Reflexioun zu dëse Konten ofginn.

Mir schéngt et äusserst wichteg ervirzehiewen, datt d'Statskonte fir d'éischt zënter 1990 mat engem Defizit ofschléissen, an zwar mat engem negative Sold vun 154 Milliounen Euro, déi mat 66 Milliounen Euro iwwert dem Defizit läit, deen am definitiven an dann och deemno votéierte Budget fir dat Joer geplangt war.

Datt de Budget a rouden Zuelen ofschléisst, ass a sech näischt Neies. Et ass awer nei zënter 1990, well säithier haten d'Konten nach ëmmer en Iwwerschoss. En Iwwerschoss, deen Enn der 90er Jore souguer ganz zolidd war. De Phenomeen ass schonn derwäert, fir ervirgehuewen ze ginn, a muss och d'Chamber an Zukunft virsiichteg stëmmen. Dës Feststellung ënnersträicht eemol méi, datt dat warnend Signal vun der Budgetskommissioun bei Geleeënheet vun den Diskussiounen zum 2006er Budget net onsënneg war an deemno och net vun ongeféier koum.

Vergläicht een elo den definitiven Defizit mat deem, deen am Budget virgesi war, da stellt ee fest, datt den Defizit sech nëmmen ëm 66 Milliounen Euro, dat heescht vun 88 Milliounen op 154 Millioune verschlechtert huet. Ausserdeem stellt den Defizit nach „nëmmen" - wann ech dat esou ka soen entre guillemets - 2,2% vum Gesamtbudget oder 0,6% vum PIB duer, e Prozentsaz, ëm deen eis déi aner Länner aus der EU nëmme beneide kënnen. Awer ëmmerhi maachen déi 154 Milliounen Euro eppes méi wéi sechs Milliarden eiser gudder aler Frang aus, wat jo awer schonn eng Zomm ass, déi muncher engem d'Schudderen de Bockel eroflafe léisst.

Fir mech huet et dofir interessant geschéngt ze kucken, wéi den zousätzlechen Defizit entstanen ass a wat dësen Defizit nun a Wierklechkeet duerstellt.

Aganks wëllt ech erhiewen, datt d'Konte vun deem Exercice sech nach ni mat den Zuele vum Budget iwwerdeckt hunn, an dat eleng schonn aus där einfacher Ursaach, well déi ekonomesch Parameteren, no deenen de Budget opgestallt gëtt, net identesch sinn an och net kënne sinn - well soss wäre mer jo bal alleguerten Hellseher heibannen - mat deene Parameteren, déi der Wirtschaftsentwécklung a Wierklechkeet entspriechen an déi en fin de compte déi reell Chiffere vun de Statskonten dann och bestëmmen.

De Budget vun 2004 huet op enger Croissance vum PIB vun 2,8% tabléiert, op engem Wuesstum vun der Beschäftegung vun 1,5% an engem Inflatiounstaux vun 1,6%. A Wierklechkeet ass de PIB ëm 4,5% gewuess, also 1,7 Prozentpunkte méi wéi virgesinn, den Emploi ass ëm 2,5% an d'Luucht gaang, also ee Prozentpunkt méi wéi am Budget virgesi war, an d'Inflatioun huet a Wierklechkeet 2,2% ausgemaach an net wéi virgesinn 1,6. Dës Variatioune vun den ekonomesche Parametere missten engersäits eng Augmentatioun vun de Recettë bewierken an anerersäits awer och d'Dépensë liicht klamme loossen, an zwar bedéngt duerch d'Inflatioun, déi eng automatesch Augmentatioun vun Ausgabe mat sech bréngt.

Selbstverständlech bréngt eng Croissance vun der Beschäftegung och eng Augmentatioun vun den Transferten an d'Sécurité sociale mat sech, well de Stat jo bekanntlech een Drëttel vun dësen Ausgaben dréit. Ech wëll awer gläich bemierken, datt eng Augmentatioun vun der Croissance vum PIB net am gläiche Mooss eng Verbesserung vun de Statsrecetten ausmécht, well eis Statsrecetten net an därselwechter Proportioun wéi de PIB wuessen an ausserdeem d'Verbesserung vun eiser Wirtschaft sech steierlech gesinn net am selwechten Exercice onbedéngt nidderschléit.

D'Augmentatioun vun der Beschäftegung, an domat vun der Masse salariale, souwéi d'Kafkraaft missten awer gréisstendeels hiren Nidderschlag am Impôt sur les salaires an an der TVA vum selwechte Joer erëmfannen. A Wierklechkeet sinn doduerch och déi lafend Recetten am Verglach zum Budget ëm 376 Milliounen Euro gestiegen an op där anerer Säit sinn déi lafend Ausgaben och ëm 158 Milliounen Euro an d'Luucht gaang. Domat hätten d'Konten no enger einfacher Milchmädchenrechnung mat engem Boni vun 130 Milliounen Euro missten ofschléissen. Déi 130 Milliounen ergi sech aus dem budgetiséierten Defizit vun 88 Milliounen, plus d'Augmentatioun vun den Ausgabe vun 158 Milliounen, dat mécht zesummen e Minus vun 246 Milliounen aus.

Deem géigeniwwer stinn 376 Millioune Méirecetten, et géif also dee Boni vun 130 Milliounen Euro bleiwen. Zitt een d'Baisse vun der Kapitalrecette vun 33 Milliounen och nach a Betracht, da bleift ëmmerhin nach e Boni vu ronn 100 Milliounen. A Wierklechkeet schléissen d'Konten 2004 awer mat engem Defizit vun 154 Milliounen Euro of. Wou kënnt elo dës Differenz vun ëmmerhin 250 Milliounen Euro hier?

Ganz einfach, well d'Gesamtdépensen ëm 408 Milliounen Euro am Verglach zum definitive Budget an d'Luucht gaange sinn: 158 Milliounen Euro op der Säit vun de lafenden Dépensen an 250 Milliounen Euro op der Säit vun de Kapitalausgaben. Eraushiewe muss een, datt 201 Milliounen zousätzlech an de Fonds de Réserve gefloss sinn, 75 Milliounen Euro sinn zousätzlech fir de Remboursement vun der Statsschold reservéiert ginn a 45 Milliounen Euro sinn zousätzlech gebraucht gi fir de Kaf vun Terrainen a vu Gebaier. Dat sinn am Ganzen 321 Milliounen Euro, déi engersäits d'Statseegentum ënner Form vun Immobilien a Reserve wuesse loossen an anerersäits d'Statsschold erofsetzen, also 321 Milliounen ëm déi de Stat reell méi räich ginn ass an déi deenen zukünftege Generatioune vun eisem Land och zegutt kommen. Zitt een déi Wäertschafung vun 321 Millioune mat a Betracht, da kënnt een op e Boni vu ronn 160 Milliounen an net op en Defizit vun 154 Milliounen.

Schlussfolgernd kann een also soen, datt global gesinn d'Regierung de Budget mat där néideger Virsiicht exekutéiert huet, mä datt am Detail, esou wéi de Rapporteur dat a sengem Rapport ernimmt huet, nach eng Rei Verbesserunge kënnen ubruecht ginn.

Et muss een awer an deem Kontext och ervirhiewen, datt d'Regierung an dësem Joer, 2004 also, grouss Effortë gemaach huet, fir verschidde Verbesserungsvirschléi aus de Jore virdrun ze respektéieren. Verbesserungsvirschléi zum Beispill bei der Situatioun vun de Comptables extraordinaires, déi ech selwer vun dëser Plaz aus suggéréiert hunn. Wann ech elo awer soen ech selwer, da war dat och esou gemengt, well ech hat selwer och schonn d'Éier e puermol Rapporteur vun de Konten ze sinn oder dozou ze schwätzen.

Aus all dësen Iwwerleeungen eraus kann eis Fraktioun sech och mat deene meeschte Virschléi a Konklusiounen, déi den Här Mehlen a sengem Rapport erwähnt huet, identifizéieren a wäert och dëse Gesetzesprojet stëmmen. Ech bréngen heimat och den Accord vun der CSV-Fraktioun a soe selbstverständlech Merci, datt Der mer nogelauschtert hutt.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Clement. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass d'Madame Flesch.

Mme Colette Flesch *(DP).*- Merci, Här President. Engersäits hat ech méi eng laang Interventioun preparéiert, anerersäits wär ech och tentéiert ze argumentéieren, dass d'Konte vum éischte Semester 2004 besser dostinn, wéi déi vum zweete Semester, mä ech wäert awer dovunner ofgesinn a mech op dräi Punkte beschränken:

Den éischte Punkt, dat ass dem Rapporteur Merci ze soe fir säin ausféierlechen an exzellente Rapport.

Zweetens, mir deelen d'Konklusioune vun der Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire, schléissen ons deenen also un.

An drëttens, mir wäerten dee Projet de loi stëmmen.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Flesch. Den nächste Riedner ass den Här Negri.

M. Roger Negri *(LSAP).*- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll dem Rapporteur Robert Mehlen e grousse Merci soe fir säin exzellente schréftlechen a mëndleche Rapport. Merci wëll ech och der Cour des Comptes soe fir hir gutt Aarbecht zu dëse Konten.

Mir schwätzen haut net iwwert de Contenu vum Budget 2004, mä mir befannen, ob dëse Budget konform exekutéiert ginn ass. Erlaabt mer trotzdeem op e puer markant Punkten anzegoen, déi eis all weider zu enger méi grousser Rigueur budgétaire sollen undreiwen, déi an deenen nächste Joren, wéi mer all wëssen, ëmmer méi wichteg a méi néideg gëtt.

Et ass eng Tatsaach, dass de Budget 2004, wéi scho gesot ginn ass, mat engem Defizit vun 154 Milliounen Euro ofschléisst. An der sougenannter SEC-95-Systematik, déi no de Maastricht-Kritären unzewenden ass, ginn niewent de Käschte vum traditionelle Statsbudget all aner zentralstaatlech Ausgaben ënnert der Bezeechnung „Administration centrale" mat abezunn. Do derzou kommen d'Ausgabe vun de Sozialkäschten a vun de Gemengebudgeten. D'Additioun vun all dëse Käschte fir déi sougenannten Administration publique dierft no de Maastricht-Kritären net iwwer engem Defizit vun 3% vum PIB leien.

Fir d'Joer 2005 louch den Defizit vun der Administration centrale bei ronn 700 Milliounen Euro oder 2,7% vum PIB. Den Defizit vun der ganzer Administration publique louch bei ronn 300 Milliounen Euro oder 1,2% vum PIB. Dëst sinn Zuelen, déi mer virun engem Joer, am November 2005, op Bréissel notifiéiert hunn am Kader vum siwenten aktualiséierte Programme de stabilité de croissance.

Nodeems de Budget vun der Administration centrale schonn am Joer 2002 an de Minus gerode war, ass 2004 och den Iwwerschoss vu bal 440 Milliounen Euro an der Sécurité sociale net méi duergaang, fir de Minus an der Administration centrale auszegläichen.

Am Exposé des motifs vum Gesetz vun haut steet zwar dran, dass de Minus nëmmen doduerch entstanen ass, well Spezialfongen zousätzlech mat 225 Milliounen Euro dotéiert gi sinn, anerefalls hätt de Budget mat engem Boni vu gutt 71 Milliounen ofgeschloss, mä an der SEC-95-Maastricht-Logik mécht dat keen Ënnerscheed.

Wann een déi zousätzlech Dotatioun vun de Spezialfonge berücksichtegt, dann huet de Budgetsminister 2004 amplaz vun engem Minus vun 88,3 Milliounen e Plus vun 71,2 Millioune realiséiert, dat ass eng Verbesserung vu ronn 160 Milliounen Euro. Dës Verbesserung ass der Tatsaach geschëllt, dass speziell an der zweeter Halschent vum Joer 2004 d'Konjunktur besser gelaf ass wéi et Enn 2003 ze erwaarde war, an deem Moment also wou de Budget opgestallt ginn ass. Dat huet dem Stat notamment zousätzlech ordinär Recettë vun 376 Milliounen abruecht, huet awer och zousätzlech Dépensë mat sech gezunn.

D'Spezialfongen affichéieren op den 31.12.2004 Avoiren an der Héicht vun 1,925 Milliarden Euro; dat sinn 334 Millioune manner wéi den 1. Januar 2004. Do sinn d'Affectatioune vun de Plus-valuë vun 79 Millioune vum Excerice 2003 awer scho mat agerechent. Et wär ze wënschen, dass all déi Zuelen am Sënn vun enger einfacher Novollzéibarkeet, souwuel vum Budget voté wéi och vum Compte général, méi transparent duergeluecht ginn.

All implizéiert Acteuren - de Budgetsminister, d'Cour des Comptes, d'Europäesch Kommissioun, de Statec, d'Zentralbank an heiansdo och de Statsrot - hantéiere mat ënnerschiddlechen Zuelen, deemno wat se kucken a wéini se d'Zuele kréie respektiv erausginn. Dat mécht d'Aufgab vun der Finanzkommissioun an der Budgetskontrollkommissioun vun der Chamber fir de Budget ze analyséieren, ze stëmmen, seng Exekutioun ze suivéieren a finalement d'Konten unzehuelen net evident.

Or, grad d'Budgetsrecht an d'Budgetskontroll si jo ee vun den Haaptpouvoire vun eiser Législative. Dat gëllt och a besonnesch fir d'Spezialfongen. Ech zitéieren aus dem Rapport: «Afin de permettre une analyse plus approfondie des fonds spéciaux au niveau du compte général, la Cour» - zwésche Klammeren - des Comptes «recommande de mettre à jour les documents publiés lors de la présentation du budget de l'État et de les inclure dans le projet de loi portant règlement du compte général. La Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire et des Comptes se rallie à cette demande.»

Elo kënnt dann also och nach de SEC-95 derbäi, duerch dee mer net nëmme méi eng konsolidéiert Vue op eis Statsfinanze kréien - wat jo och am Prinzip ganz positiv ass -, mä deen natierlech erëm Problemer mat sech bréngt wann et drëms geet, fir de Budget en version nationale mam Budget version Maastricht ze vergläichen, well bestëmmte Recetten net an deem Exercice kontabiliséiert ginn, wou se encaisséiert ginn, mä an deem Exercice, an deem se entstane sinn.

Ech verweisen op den Avis vun der Banque centrale fir de Budget 2007 - op Säit 7 steet dat -, wou eng Réalité économique gefuerdert gëtt. Aus deem Grond hu mir an der Finanzkommissioun gefuerdert, dass de Budgetsminister fir déi nächst Joren en drëtt Dokument opstellt, wou an der voller Transparenz de Budget no der SEC-95-Systematik duergestallt gëtt. An och d'Gemengefinanze mussen an eng SEC-95-Form bruecht ginn, wat net ëmmer einfach ass, wéi mer et elo d'lescht Woch an der Finanzkommissioun festgestallt hunn.

Här President, méi generell steet am Rapport vun dësem Gesetz direkt am Ufank, wat eigentlech och d'Konklusioun ass, an zwar, dass d'Comptabilité générale nach ëmmer net zefridde stellend ass. D'Konte limitéiere sech op eng Comptabilité budgétaire, déi keen Iwwerbléck gëtt iwwert d'Gesamtsituatioun vum Stat: «…les comptes présentés par le Gouvernement ne reflètent que le résultat d'une comptabilité budgétaire, ne permettant guère une appréciation globale de la situation patrimoniale de l'État à la fin de l'exercice comptable.»

Här President, ech wëll och nach en aneren Aspekt uschwätzen, deen am Ufank vun alle Budgetsconsidératioune stoe muss, nämlech dass mer mussen eescht maache mat deenen neie Prozedure bei der Preparatioun a bei der Presentatioun vun deene groussen Investitiounsprojeten. Doriwwer gëtt jo an der nächster Zäit hei och op dëser Plaz geschwat. Wann nämlech bei deene grousse Projeten net vun Ufank u mat fiabele Chiffere ka geschafft ginn, da sprengen dës all budgetär Planungen. An dann hëlleft déi beschte Kontabilitéit guer näischt.

Duerno mussen dës grouss Projeten och am Sënn vun der Comptabilité analytique duerchgezunn a suivéiert ginn, soss komme mer erëm op esou héich Dépassementer, wou dann awer no der Method vum Fait accompli operéiert gëtt. Als Fallbeispill wëll ech erwähnen, dass de Stroossecontournement vu Sandweiler Dépassementer an deem Mooss hat, esou dass d'Gesamtkäschten elo iwwert där vun der Verfassung gesate Limite vu 7,5 Milliounen Euro leien.

Do hätt also virdru missen e Gesetz gestëmmt ginn iwwert de Bau an d'Opportunitéit vun dësem Contournement. Hei ginn elementar demokratesch Regelen net respektéiert, och wann et wéi ëmmer Explikatioune gëtt, déi awer, wann ee genau dohannert kuckt, d'Strooss net halen. Dëst wäert sech jo dann duerch déi nei Prozeduren an Zukunft verbesseren.

Här President, e leschte Punkt wëll ech nach erwähnen: Et ass och net akzeptabel, dass bei Projeten den Décompte net opgestallt gëtt, an esou grouss Projeten net defi-

nitiv ofgerechent ginn, an da kee weess wat dann elo esou e Projet definitiv kascht huet, an dëst dann och deenen zoustännegen Instanzen net virgeluecht gëtt. Dorop huet de Steierzueler awer ganz einfach e Recht. An et ass net an der Rei, dass Dossieren esou laang leie gelooss ginn, bis dass jiddferee seet: Et huet jo dach kee Wäert elo nach en Décompte virzeleeën.

D'Fallbeispill ass de Sanatorium vu Veianen, deen 1977 genehmegt ginn ass. Dat dierft net sinn. Do musse mer an d'Zäitalter vun enger applizéierter Comptabilité analytique, déi vläicht net jiddferengem passt, well se méi eng grouss Rigueur verlaangt. Do musse mer also ganz einfach méi Transparenz un den Dag leeën. An et ass dës Transparenz, déi mer alleguerte wëllen, a wourunner mer och wäerte gemooss ginn. Dëst ass am Endeffekt och am Intérêt vun de concernéierten Akteuren, well se esou selwer geschützt ginn a sinn.

Domat ginn ech trotzdeem den Accord vu menger Fraktioun zu de Konte vun 2004 a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Merci, Här Negri. Et ass kee Riedner méi ageschriwwen. Wann d'Regierung wëllt, kritt se d'Wuert. Wann dat net de Fall ass, da kënnte mer zum Vote vun dësem Projet kommen.

Ech weess emol guer net wéi dat geet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Vote geet un. Déi, déi d'Konten unhuelen, stëmme mat Jo, déi sech enthale mat Abstention, an déi dergéint si mat Neen.

De Gesetzestext 5488 ass ugeholl mat 53 Jo-Stëmmen, bei 4 Abstentiounen a kenger Nee-Stëmm.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marc Spautz), M. Lucien Clement, Mmes Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber (par M. Lucien Thiel), Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel (par M. Ben Fayot), Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer (par M. Romain Schneider), Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. John Castegnaro);

M. Xavier Bettel (par Mme Colette Flesch), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par Mme Anne Brasseur), Alexandre Krieps et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam (par Mme Viviane Loschetter), François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. Félix Braz), Henri Kox (par M. Camille Gira) et Mme Viviane Loschetter;

M. Robert Mehlen.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Jean-Pierre Koepp;

M. Aly Jaerling.

D'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Déi ass och ginn.

Da komme mer zum nächste Punkt. Dat ass d'Proposition de loi portant révision des paragraphes (1), (3), (4), (5) et (6), alinéa 1er de l'article 11 de la Constitution, an zweetens, Création d'un article 11bis nouveau de la Constitution. Et sief drop higewisen, datt laut Artikel 114 vun der Verfassung eng qualifizéiert Majoritéit vun zwee Drëttel vun de Stëmmen erfuerdert ass. De Vote par procuration ass net erlaabt.

D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. De Rapporteur huet deementspriechend zéng Minutten. D'Wuert huet elo de Rapporteur vun der Proposition de loi, den honorabelen Här Paul-Henri Meyers. Här Meyers, Dir hutt d'Wuert.

3. 3923C - Proposition de loi portant 1. révision des paragraphes (1), (3), (4), (5) et (6), alinéa 1er de l'article 11 de la Constitution; 2. création d'un article 11bis nouveau de la Constitution

Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle

M. Paul-Henri Meyers *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann d'Chamber haut dem Virschlag vun der Verfassungskommissioun follegt an den Text vun deenen neien Artikelen 11 an 11bis vun der Verfassung unhëlt, da kann no och méi wéi zwielef Joer deen Dossier virleefeg zougemaach ginn.

All Parteien an och de Statsrot ware sech eens, dass den Artikel 11 misst ëmgeännert ginn. Et gouf een allgemenge Consensus fir d'Streikrecht, d'Bekämpfung vun der Aarmut…

(Interruption)

…an déi sozial Integratioun vun de behënnerte Matbierger an d'Verfassung anzeschreiwen. Och déi konstitutionell Bestëmmungen iwwert den Naturschutz an den Déiereschutz waren als Prinzip net a Fro gestallt.

D'Problemer, mat deenen d'Verfassungskommissioun sech ze befaassen hat, louchen éischter op de juristesche Formulatiounen. De Statsrot huet a sengen ausféierlechen a gutt motivéierten Avisen haaptsächlech dräi Suergen zum Ausdrock bruecht:

Éischtens, de Statsrot huet ëmmer erëm drop higewisen, dass d'Texter vun der Verfassung kloer a verständlech misste sinn. An de Statsrot huet och drop higewisen, et sollt net virkommen, dass d'Verfassungsgeriicht Texter aus der Verfassung selwer misst preziséieren.

Zweetens, de Statsrot huet dovir gewarnt, an der Verfassung dem Stat Verantwortungen an Aufgaben opzëerleeën, déi de Stat net erfëlle kann. An anere Wierder: D'Verfassung soll fir de Stat keng Obligation de résultat virgesinn, déi de Stat net garantéiere kann. Dat zielt ënner anerem fir d'Recht op Aarbecht, fir den Naturschutz an och fir den Déiereschutz.

Drëttens, de Statsrot, awer och d'Verfassungskommissioun sinn der Meenung, dass an eiser Lëtzebuerger Verfassung eng méi kloer Trennung gemaach soll ginn tëschent engersäits den individuelle Rechter a Fräiheeten an anerersäits deene sougenannte Statsziler, dat heescht, deene pragmateschen Aussoen, déi de Stat a sengem alldeeglechen Handelen, awer och bei der Ausaarbechtung vu Gesetzesreglementer ze respektéieren huet.

Zu deene Statsziler gehéieren ënner anerem de Schutz vun der Ëmwelt an och de Kampf géint d'Aarbechtslosegkeet. Verschidde modern Verfassungen zielen zu deenen Ziler och d'Recht op eng anstänneg Wunneng oder d'Recht op ee Mindestakommes.

D'Unhuele vun den Artikelen 11 an 11bis ass dofir keen definitiven Ofschloss, mä eng wichteg Tëschenetapp bei der Reformulatioun vu veschiddene Grondrechter, déi ëmmer erëm, esou wéi d'Situatioun evoluéiert, ugepasst musse ginn, a wou gegebenenfalls och nei Rechter mussen an d'Verfassung ageschriwwe ginn.

Wat bréngt elo déi Verfassungsrevisioun, déi mir haut wëllen ofstëmmen?

Beim Artikel 11 ginn d'Paragraphen 1, 3, 4, 5 a 6, Alinea 1 nei verfaasst. De Paragraph 2 iwwert d'Gläichheet vu Fra a Mann ass zënter dem Gesetz vum 13. Juli vun dësem Joer a Kraaft, esou dass bei där heiter Revisioun dat net méi brauch diskutéiert an zréckbehalen ze ginn.

Et gëtt een neien Artikel 11bis an d'Verfassung ageschriwwen. Deen Artikel betrëfft de Schutz vun der Ëmwelt an den Déiereschutz.

Elo zum Artikel 11. Am Artikel 11 figuréiert net méi deen éischte Paragraph, deen haut nach an der Verfassung steet, an dee folgendermoosse libelléiert ass: «Il n'y a dans l'État aucune distinction d'ordres.» Dee Saz mécht haut kee Sënn méi, well de Prinzip vun der Gläichheet vun de Bierger esou eng Opdeelung no Ordren net méi zouléisst. Dofir huet och d'Verfassungskommissioun schonn an den 90er Jore proposéiert, dee Paragraph ze sträichen.

Deen neie Paragraph 1 an der Verfassung gesäit vir, dass de Stat déi natierlech Rechter vun der mënschlecher Persoun a vun der Famill garantéiert. Den Text vun deem Paragraph ass net nei. En ass zënter 1948 an der Verfassung ageschriwwen, mä deemools wéi haut louchen d'Schwieregkeete bei der juristescher Definitioun vun dem Ausdrock «Droits naturels». De Rapporteur vun 1948 huet scho gesot, hie kënnt keng komplett Definitioun vun deene Rechter ginn, an de Rapporteur vun haut kann dat och net.

Dofir huet de Rapporteur vun 1948 eng Rei Beispiller zitéiert, déi ech och a mengem schréftleche Rapport erëmgeholl hunn, déi do nozeliese sinn, déi ech also hei a mengem mëndleche Rapport net méi brauch ze presentéieren.

Wann een awer dee Rescht do duerchkuckt, da kënnt ee bal zur Konklusioun, dass all déi Rechter sech ëm eng Notioun dréinen, déi mir och an der Europäescher Charta vun de Grondrechter am Artikel 1 erëmfannen: Dat ass d'Würd vum Mënsch, déi an der Charta drasteet, an déi résuméiert eigentlech all déi Grondrechter: «La dignité humaine est inviolable.» An ech mengen, déi natierlech Rechter kënnt een, ouni se an hirer ganzer Tragweite ze résuméieren, awer och mat där doter Notioun gutt erëmginn.

Well déi natierlech Rechter net kloer waren, hat d'Kommissioun virgeschloen, den Ausdrock «Droits naturels» duerch «Droits fondamentaux» ze ersetzen. De Statsrot war awer der Meenung, och dat Konzept vun den Droits fondamentaux wier net méi kloer, esou dass schlussendlech d'Kommissioun beim Text vun 1948 bliwwen ass, dee mir also och am Paragraph 1 erëm erëmfannen.

Am Paragraph 3 huet d'Verfassungskommissioun ausdrécklech de Schutz vum Privatliewe virgesinn. De Statsrot huet dorop higewisen, dass zu dësem Grondrecht, esou wéi bei anere Grondrechter, och Aschränkungen erméiglecht wären, déi awer nëmmen duerch e formaalt Gesetz kënnte virgesi ginn.

D'Verfassungskommissioun war mat deenen Iwwerleeungen d'accord a proposéiert haut der Chamber folgenden Text: «L'État garantit la protection de la vie privée, sauf les exceptions prévues par la loi.»

An deem neie Paragraph 4 ginn déi bestehend Bestëmmunge vum Recht op Aarbecht a vun de Gewerkschaftsfräiheeten an engem Paragraph zesummegefaasst. Den Text gëtt awer complétéiert duerch eng Bestëmmung, déi ausdrécklech d'Streikrecht an d'Verfassung aschreift.

Wat d'Recht op Aarbecht ugeet, huet de Statsrot dorop higewisen, dass dëst Recht fir de Stat keng Obligation de résultat kënnt sinn. Dat heescht, dass de Stat net verflicht kënnt ginn, alle Bierger eng Aarbecht ze garantéieren oder eng Aarbecht unzebidden. De Stat hätt nom Statsrot eng Obligation de moyen, dat heescht, d'Zil vun der Politik misst et sinn, Aarbechtsplazen ze schafen an d'Aarbechtslosegkeet ze bekämpfen. Dofir huet och de Statsrot virgeschloen, den Text, deen zënter 1948 besteet, méi kloer ze verfaassen, e Virschlag, deen och d'Verfassungskommissioun ugeholl huet.

De Paragraph 5 war bis elo esou verfaasst: «La loi organise la sécurité sociale, la protection de la santé et le repos des travailleurs....» Deen Text gëtt complétéiert duerch zwee wichteg sozial Pilierë vun eiser Sozialpolitik vun deene leschte Joren, dat heescht duerch de Kampf géint d'Aarmut an déi sozial Integratioun vun eise behënnerte Matbierger.

Déi sozial Beräicher kënnen, wéi d'Verfassung dat virgesäit, nëmmen duerch e Gesetz geregelt ginn. De Statsrot huet awer drop higewisen, dass d'Gesetz net alles regele kann an net op all Detailer kann agoen. Dofir proposéiert de Statsrot, fir den Text esou ze verfaassen, dass an der Verfassung drasteet, dass d'Gesetz dat Wesentlecht virgesäit, an hie proposéiert dofir: «La loi organise quant à ses principes…» an dann zitéiert hien déi eenzel sozial Rechter. Domat war och d'Chamberskommissioun d'accord. Et ass och esou, dass domat och d'Chamber all Rechter voll behält, fir ze entscheeden, wat da wesentlech ass, wat an d'Gesetz soll stoe kommen a wat eventuell duerch e Reglement soll geregelt ginn.

Dofir proposéiert d'Kommissioun och folgenden Text: «La loi règle quant à ses principes la sécurité sociale, la protection de la santé, les droits des travailleurs, la lutte contre la pauvreté et l'intégration sociale des citoyens atteints d'un handicap.»

Deen éischte Saz vum Paragraph 6, deen elo virgesäit, dass d'Gesetz d'Fräiheet vum Commerce, vun de fräie Beruffer a vun der Aarbecht am Ackerbau regelt, deen Text gëtt liicht ofgeännert, well et ass eigentlech net d'Gesetz, mä et ass d'Verfassung, déi déi Fräiheete garantéiert. Dofir gëtt den Text elo esou verfaasst, dass drastoe kënnt: «La liberté du commerce et de l'industrie, l'exercice de la profession libérale et du travail agricole sont garantis, sauf les restrictions à établir par la loi.» Domat bleiwen déi Rechter, wéi et bis elo war, voll a ganz erhalen, an d'Ausnahme kënnen nëmmen duerch e Gesetz virgesi ginn.

Et gëtt dann een neien Artikel 11bis geschaf. Dee betrëfft de Schutz vun der Ëmwelt an den Déiereschutz. Ech wëll net hei, well meng Zäit mir dat och net erlaabt, op all Detailer vun där neier Bestëmmung agoen, iwwert déi ganz villes ze soe wär.

Ech wëll just ervirsträichen, dass duerch dësen Text eist Land eng modern a contraignant Dispositioun an der Verfassung kritt, déi souwuel de Schutz vun der Ëmwelt wéi och den Déiereschutz garantéiert.

Den Text inspiréiert sech un där Schwäizer Verfassung vun 1999. Den Text stellt ee Kompromëss duer tëschent engersäits dem politesche Konsensus an op där anerer Säit enger juristescher Formulatioun, déi dem Stat eng kloer ëmrassen Aufgab operleet. Ech mengen, dass d'Wäertstellung vum Ëmweltschutz doduerch an eisem Land Wesentleches ka gewannen.

Dir Dammen an Dir Hären, domat mengen ech, dass ech op eng kuerz Aart a Weis déi Änderunge résuméiert hunn. Ech géif och heimat den Accord vu menger Partei bréngen.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Meyers. Den éischten ageschriwwene Riedner ass d'Madame Flesch.

Discussion générale

Mme Colette Flesch *(DP).*- Merci, Här President. Här President, léif Kolleegen, fir d'alleréischt wëll ech dem Rapporteur a President vun onser Verfassungskommissioun Merci soe fir säin exzellente Rapport. Och hei wäert ech net op déi eenzel Punkten am Detail agoen, déi hien hei scho virgedroen huet an déi nach méi ausféierlech am schréftleche Rapport nozeliese sinn. Ech wëll och net op déi Deeler vum Artikel 11 iwwerhaapt agoen, déi mer scho gestëmmt hunn, dat ass fir mech en Acquis. Ech soen nëmmen e puer Wuert zu deene Paragraphen, déi haut zur Revisioun stinn.

De Rapporteur huet schonn drop higewisen, dass déi Diskussiounen iwwert déi Paragraphe vum Artikel 11 scho säit 1994 amgaange sinn, wéi de Georges Margue seng Proposition de révision hei an der Chamber abruecht huet. A wann d'Diskussioun esou laang gedauert huet, da war et sécherlech net dowéinst, well kee Konsens um allgemenge Plang tëschent de Fraktiounen an tëschent de Membere vun der Verfassungskommissioun bestanen hätt. Mir waren alleguerten d'accord iwwert d'Ziler, déi ze erreeche waren.

Mä d'Difficultéite louchen hei, wéi esou oft bei Verfassungsännerungen, am Detail an an der Formulatioun, an der Redaktioun also, déi gewielt ginn ass fir déi eng oder aner Ziler ze beschreiwen. An ech mengen och déi Diskussioun, déi hin- an hiergaangen ass tëschent der Verfassungskommissioun an dem Conseil d'État, huet domadder ze dinn.

Riichtduerch huet de Conseil d'État drop higewisen, dass engersäits d'Formulatioun misst kloer an däitlech sinn, dass constitutionnel Texter net dierften esou sinn, dass se nach misste vum Verfassungsgeriicht interpretéiert ginn, mä dass se missten a sech kloer genuch sinn, dass se alles géingen aussoe wat ze soen ass.

De Conseil d'État huet och op eppes higewisen, wat mer am Zesummenhang mat dëser Diskussioun besonnesch wichteg schéngt, dat ass de Charakter, d'Portée contraignante oder net vun deenen engen oder aneren Obligatiounen, déi an den Text erageschriwwe gi sinn. Dat heescht, mir sinn hei am Kontext vun enger Obligation de moyens an net vun enger Obligation de fin fir de Stat. Et sinn also Texter, déi virgesinn, dass politesch Objektiver an d'Constitutioun ageschriwwe ginn, notamment am Domän vum Aarbechtsrecht, vum Ëmweltschutz, vum Déiereschutz, an dass mer hei am Beräich si vun deem wat an Däitschland eng „Staatszielbestimmung" genannt gëtt. Et ass ënnert deem Verständnis, dass den Accord schlussendlech an der Verfassungskommissioun zustane komm ass.

Bei der Suppressioun vum Paragraph 1 ass et ganz kloer, dass eng Distinctioun vu Stänn an onser Verfassung keng Plaz méi huet. Dat ass eng obsolet Bestëmmung, déi mer nach weider mat duerchgeholl haten. Et